N°889
Entrée le 14.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.06.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Aktuell fanne Kontrollen op der Däitsch-Lëtzebuergescher Grenz statt wéinst der EM. D'Situatioun ass ganz onkloer. Den Inneminister sot, hien hätt mat senger Däitscher Homologin Enn Abrëll geschwat an d'Kontrolle wieren esou am Abrëll net ofgemaach gewiescht. Trotz enger 2ter Interventioun, wou de Minister versprach huet, d'Kontrolle géife keng esou Staue méi ausléissen, weess déi Tréierer Police laut RTL awer näischt dovun a mécht d'Kontrollen onverännert weider. Doduerch datt d'EM de Weekend ugeet ass net auszeschléissen, datt d'Kontrollen nach ausgewäit ginn. D'Leit wëssen also net wéi et déi nächsten Deeg a Woche weidergeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat huet den Inneminister genau a senger rezentster Interventioun gefuerdert? Wat huet en doropshi versprach kritt?
2. Firwat ginn d'Kontrollen onverännert weider?
3. Wäert sech nach eppes un de Kontrollen änneren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°889
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°889 vum 14. Juni 2024 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet «Contrôles frontaliers allemands»**

**Froen 1), 2) an 3)**

Ech verweisen op meng Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 792 an op de Communiqué de presse vum 19. Juni 2024, dee publizéiert ginn ass no mengem rezentste Gespréich mat der däitscher Inneministesch, der Madame Nancy Faeser. An deem Gespréich gouf nach emol iwwer d'Verkéierslag op de Grenziwwergäng geschwat, an ech hunn d'Bundesinnenministerin nach eng Kéier ëm eng raisonnabel Ëmsetzung vun de Grenzkontrolle gebieden.

Ech hunn och ënnerstrach, dass ech verstin dass d'Sécherheet am Kader vun der Fussball-EM garantéiert gëtt, mee dass de Verkéier fléissend muss bleiwen, besonnesch zu de Spëtzestonnen, am Intressi vun de Lëtzebuerger an de Frontalieren.

Den 19. Juni sinn och d'Policedirektioun vu Lëtzebuerg an d'Bundespolizeidirektion vu Koblenz zesummekomm an hu follgend Mesure festgehalen, déi ab deem Dag gëllen :

- Keng Kontrollposten op de Grenzbrécken;
- Zwou Fuerspuren am Baustelleberäich op der A64 (Sauertalbrücke).

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN